D'GAMELLE

Oktober 2000

natur FIR MUER

E Bliedchen vun de

Luerenzweiler Guiden a Scouten

Impressum

Redaktiounsuschréft

GAMELLE GmbH & Co. KG
65, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
TEL : 33 03 24 / 091 30 97 37
FAX : 33 03 24
em@il : gamelle@lgslorentzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven

Redaktioun

BECK Jemp
BICHLER Fanny
BIDOLI Renée
BISENIUS Ben
JACOBS Marianne
JACOBS Sarah
KRECKÉ Lisbeth
LECLERC-FELTES Nic
MELAN Cyril
MENSTER Annick
MODERT Charel
PINTO Michel
RARO Équipe
RINNEN Tim
SCHAACK Flëpp
SCHOSSELER Sven
SCHROEDER Ander
WENGER Julie
WIWEL Cheféquipe

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 11 erauskomm den 21. Oktober 2000

Wat as dran?

SÄIT

1 Cover

2 Impressum & Inhalt

3 Virwuert
... vum Gruppechef

4 - 5 Wichteg Adressen

6 - 8 Biber
... 1. Mee Sortie
... Sortie Bauerenhaff
... Indianer Weekend

8 - 11 Wiwel
... Camp 2000

12 - 15 Avex
... Camp 2000
... Weekend zu Wolz

16 - 21 Carapio
... Camp 2000
... Weekend zu Wäicherdang

22 - 27 Raro
... Camp 2000

28 - 31 Verschiddenes
... Jump Back Foto'en
... Beschass
... Internet & Co
... Reklammen

32 Memberlëscht 1999/2000

E puer Wuert vum ...

Gruppechef

Voilà, schon as nés e Joer em! Wéi as dat nemme méiglech, d'Zäit get am Géigendeel vu mir emmer méi vive. Mee loss mer nët iwwerdreiwen, sin trotz menger klenger "Panz" awer nach besse gewieweg (guer net agebild, gell). Obwuel, lo sin et scho fënnef Joer hir, dat ech bei deene Luerenzweiler Gruppechef spillen, ech denken alt hei-ans-do wéi laang mest de daat nach. Et mecht mer zwar nach ëmmer Spaass, mee iechentwann eng Kéier muss een och ophaalen, muss een spieren, daat een ze âl as fir dobei ze bleiwen. Keng Angscht (oder Freed?), ech halen nach nët op, hun nach besse Loscht. Sou, ... iwer waat soll ech da lo nach schwetzen ausser iwer mech.

Majo, ech giff virun allem, an un éischter Stell, alle Chef, an ech mengen se domat wirklech all, Merci soen fir d'Aarbecht, déi am vergaangene Joer geleescht gin as. Jiddereen dréit an iechent enger Form zum Geleengen vun eisen Aktivitéiten bei, jid-

dereen huet iechentwou seng Stärkten an awer och seng Schwächten, an ech soen hinnen all MERCI fir hir d'Engagement. Et därf een nët vergiessen, dat alles op freiwëlleger Basis geschitt, et get keen dofir bezuelt, och mol nët de Benzin fir an den Auto. Ech si secher, dat genee dëst eng Garantie fir eng gudd Aarbecht aus Iwerzeegung as. Een, dee nëmme kéim, wann e giff bezuelt gin, giff menger Meenung no nët daat selwecht Engagement beweisen.

Sou, genuch "Bla Bla", üblecherweis wënschen ech Iech dann lo nach all e super Guiden- a Scoutsjoer 2000/2001. Schafft gudd, hutt vill Spaass an huelt emmer alles mat Humor op.

Jemp

Wichteg Adressen

BIBER

BIDOLI **Renée**
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69

EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

KRECKÉ **Elisabeth**
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38

LECLERC-FELTES **Nicole**
5, rue Neuve
7420 Cruchten
TEL : 85 88 45

MENSTER **Annick**
23, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 73 30
GSM : 091 449 024

NEY **Carole**
36, rue de Steinsel
7395 Hünsdorf
TEL : 33 98 12
GSM : 091 339 812

WEIS **Jessica**
16, rue Fritz Bintner
7352 Helmdange
TEL : 33 11 53

WIWEL

BICHLER **Fanny**
23, rue des Noyers
7303 Steinsel
TEL : 33 73 08

BRÜCK **Dada**
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82

FOURNELLE **Germain**
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70

HÖFLIGER **Tessy**
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 021 718 503

JACOBS **Marianne**
118, rue de Fischbach
7447 Lintgen
TEL : 32 86 89

MASSOL **Melanie**
25, rue de Blaschette
7353 Lorentzweiler
TEL : 33 26 13
GSM : 021 282 427

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

WENGER **Julie** (St.AWC)
2, am Bongert
7453 Lintgen
TEL : 32 91 96

AVEX

MOLITOR **Anne**
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 021 753 818

MOLITOR **Marc**
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88

ROCKEL **Seja**
4, rue Jean Engel
7793 Bissen
TEL : 26 88 53 73

WENGER **Flëpp**
4, rue Jean Engel
7793 Bissen
TEL : 26 88 53 73
GSM : 021 320 263

RARO

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

CARAPIO

BOURMER **Fränk**
11, Raspert
2414 Luxemb. / Dommeldange
GSM : 021 159 696

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

MAES **Myriam**
12, op den Iessen
7363 Lorentzweiler
GSM : 091 332 018

NEY **Carole**
36, rue de Steinsel
7395 Hünsdorf
TEL : 33 98 12
GSM : 091 339 812

PANETTA **Nico**
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953

SCHROEDER **Ander**
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32

5. BRANCHE

WEBER **Men**
1, boulevard de Verdun
2670 Luxembourg
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

GRUPPEKÄCHE

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

GRUPPECHEF

BECK **Jemp**
11, Raspert
2414 Luxemb. / Dommeldange
TEL : 26 43 19 24
GSM : 021 750 159
Arbecht : 33 72 68 23

SEKRETÄR

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

AUMONIER

NEY **Romain**
34, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler

AUMONIER ADJOINT

MICHELS **Werner**
1, rue Jean l'Aveugle
9208 Diekirch
Arbecht : 80 90 32
FAX : 80 90 35
GSM : 091 401 784

KEESSIERE

EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

CAMIONETTE

PAULUS **Alain**
27, rue de Helmdange
7360 Helmdange
TEL : 33 72 56
GSM : 091 340 014

FOYER

FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

1. MEE SORTIE ... an de Boufer Bësch

Ewei all Joer ginn d'Luerenzweiler Guiden an Scouten den 1 Mee an de Besch fir en Meekranz ze maachen.
Nodemms mir all do waren, sin mir dann an de Besch gangen. Do ukomm hun mir missten Holz fir d'Feier an Grenges fir de Meekranz sichen. D'BIBER hun eifreg no Holz gesiicht an no kuerzer Zait haaten si schon genuuch zezummen.
Dun hun mir e Spill gemaach an zwach BULLDOG.
Do stungen 2 Leit am Krees an hun probeiert erauszelaafen an fortzelaafen.
Déi aner hun se missten fänken an vum Buedem ophiefen.
No enger Zait hun mir déi Grouß dann eng Keier aleng gespillt an mir hun matt onse BIBER "Wien faerd de Schwaarze Mann" gespiillt.

Dunn ass et och schon Zait gin, fir e Spiß ze maachen. Déi méi Grouß hun de BIBER gehollef, an datt huet tip top funktionnéiert.
BIBER konnten dunn nach e wéineg am Bësch spillen, éiert si hiren Thüringer, hir Mettwurscht oder hir Kottelet gegrllt hun. Dat heut hinnen esou gudd gefall, daß e puer Kanner 3 oder 4 Saachen gieß hun. Natiirlech hun si herno hir Spießen matt hemgeholl.

Nom Mettesiessen, hu mir dann nach alleguer "Schmuggler" gespillt.
Do waren 2 Equipen (BIBER, WIWEL, AVEX, RARO an CHEFFEN gemescht). Déi eng waaren d'Schmugler, (also déi Beiss) an dai anner war d'Polizei (déi gudd). D'Schmuggler hun sech e Lager gesiicht, wou si Téisäckelcher verstopppt hun. Si hun se dann missten op eng bestemmten Plaatz "schmugglen". D'Polizei hun si dann gefangen, an si (Schmuggler) goufen dann ënnersicht. Huet d'Polizei dann "'Drogen" fonnt, as de Schmuggler erem an säin Lager nees siche gangen, wann nët konnt hin ët op déi bestemmten Plaatz droen.

Esou as d'Zäit ewéi de Blëtz vergangen an dunn war ët och schon Zäit fir Heem ze goen.

Et huet onse BIBER (si waren alleguerten matt) immens gudd gefall, an si fréen sech schon op den nächsten 1. Mee zu Boufer am Besch.

Annick

SORTIE "BAUERENHAFF" den 28.5.1999

... op Salm an Daitschland

Nodeems d'Biber alleguer beim Foyer ukomm sin, verdeele mer se op d'Autoen, verstauen de Pic/Nic, d'Reejacketten asw. an da maache mer eis op de Wee op Salm, engem Dierfchen no bei Daun an der Eifel, wou dem Chantal séng Kusinn Irène e Bauerenhaff huet.

No enger gudder Stonn si mer do. Alles aus dem Auto an d'Gummisstiwelen u fir an de Stall. Nodeems mer dem Irène an Johannes Moien gesot hun, geet et an de Koustall deen awer bal eidel as well d'Kéi op der Weed sin. Eng eenzech steet am Stall: sie as um Bee blesséiert mee elo um Wee vun der Besserung nodeems de Véidoktor passéiert as.

Als nächst gi mer bei d'Källewcher a vun dene sin d'Biber hell begeeschtert. Dat jéngste Kallew as eréischt eng Woch aal a steet nach wackeleg op de Been. Nodeems d'Biber de Källewcher hiren Trach esou voll matt Hee getesselt hun, datt déi bestëmmt nach eng Woch laang dru friessen, mecht de Johannes d'Paard op an d'Kanner därfen bei d'Källewcher goen. Nodeems am Ufank weder d'Biber nach d'Källewcher wëssen wat sie dovun hale sollen, gin d'Källecher geschwënn geheemelt a suckelen un de Kanner hirer Hand. Si könne guer net méi genuch dovu kréien.

Mee mir musse jo och un d'Mëttegiessen denken: well d'Wieder (wéi bei all eise Biberaktivitéiten dest Joer) schlecht as (vill Wand an zolitt Schaueren) grille mer an enger Hal an där am Wanter d'Botten leien mee déi elo glécklecherweis eidel as. De Johannes war extra an d'Jugendherberg gefuer fir Dëscher a Bänken fir eis ze léinen an déi stin elo scho färdech opgeriecht do!! Während déi eng grillen, maachen déi aner Cheffen Spiller matt de Kanner. Dono lee mer d'Thüringer, Kotletten asw. op de Grill a loossen eis dat ganzt gudd schmaachen. Mir iwerreechen och dem Irène a Johannes eis Kadoen: e Poster op deen d'Biber e Bauerenhaff gemolt hun an en Toaster a Form vun enger Kou!

Nom Mëttegiessen an ondeem mer nach all eng Glace als Dessert offréiert kruten, reent ët net méi a mir gin en Tour spazéieren, déi Kéi kucken déi dobaussen op der Weed sin. D'Biber plécken eis all Riesebouqueten Botterblummen, Margréidercher, Kléiblummen asw. an ameséieren sech gudd an deem héije Gras. No eisem Trëppeltour wëlle sie nach eng Kéier bei d'Källewcher an de Stall, mee dofir as scho keng Zäit méi, well schon heescht et raumen, Gruppefoto man an Äddi a Merci soen (natirlech matt engem Ban) an an d'Autoen Richtung heem.

Dem Irène an dem Johannes e ganz grousse Merci datt sie sech esou vill Aarbecht matt eis gemaach hun. Et huet eis super bei hinne gefall! Och der Mrs White en décke Merci datt sie eis op der Sortie gehollew huet.

Nic

INDIANER-WEEKEND den 8. & 9.7 2000

... zu Mamer

Samschdes mettes eng Versammlung dobaussen, owes en Indianer-Lagerfeier, och dobaussen a Sonndes de ganzen Daach e grousst Spuerespill, natirlech dobaussen : de Programm vun eisem Weekend huet sech gudd unhéieren. "Natirlech as am Juli gudd Wieder", hun ech ëmmer behapt, wann d'Chantal gefart huet : Et wärt jo net reenen!!!

De ganze Weekend huet et gereent a kal war et nach dobäi…

Trotzdeem hu mir eis beim Foyer getraff a sin zesummen op Mamer gefuer. Eis Versammlung zum Thema Indianer hu mer dobannen oofgehal : mir hun eisen Tipi schéi faarwech gemolt an de Biber muenches iwert den Indianer hirt Liewen verzielt. Obwuel se alleguer gesin hu matt welleche Saache mer den Indianerzauberdronk zesummegebraut hun (Pissblumm, Wuerzelen, Bulli an aner kraaftspendend Kreider a Planzen) hun d'Biber en ouni ze zëcken geschmaacht! Ausserdeem hu mer Instrumenter gebastelt an e Krichsdanz geléiert.

Owes war dunn eist Lagerfeier (bei deem eis Indianer all am Pyjama opgedaucht sin) bannen am Sall. D'Biber hu sech Indianernimm gesicht, Fiederschmock gebastelt an nach verschidde Spiller gemaach.

Sonndes moies hate mer eis e bëssen eraus getraut an eisen Tipi opgeriecht. Et war net fir laang, well dunn huet et schonn ërem geschott a mir sin era gaang. Eist Spuerespill hate mer ze engem Gänsespill ëmfonktionéiert. Well beim Mamer Chalet awer eng iwerdaachte Grillplaz as, konnte mer wéinstens eise Pakalu man. Glécklecherweis war och de Jemp matt an huet sech em d'Feier umaachen an dat ganze Gegrills gekëmmert.

Am grousse ganzen war de Weekend net sou schlecht, mee mir waren awer enttäuscht, datt eis schéin Aktivitéiten esou an d'Waasser gefall waren. Och matt de Biber war et net esou einfach : well sie (bal) déi ganzen Zäit dobannen waren, konnte sie sech net esou austoben, wéi sie gewollt hätten.

Fir eis Chefs war et deen 1. Weekend matt esou klenge Kanner a mir hu bäigeléiert datt mer op engem Weekend zu VILL Grousser si mussen, well d'Biber och bei dem Üblechen : ariechten, ausdoen, undoen, wäschen asw. nach Hëllef brauchen.

Nic

Wiwel Camp 2000 zu Iechternach

Meindes 4. September

Am laaf vum Moien sin d'Wiwel op de Camp komm an hun direkt hier Sachen ausgepaack. Noo der schwéierer Arbescht hun si sech dann mat der Emgéigend vertraut gemaach an hun virun allem de Besch 'erforscht'!

Noom Metteschiessen war en Atelier um Programm, deen vum Jemp gehaalen gouf! D'Wiwel hun e Bou an Feiler gebastelt, dei am Kontext vum Camp gepasst hut, vu ke, dass eise Camp op d'Geschicht vum Robin Hood obgebaut gouf!

De Jemp huet hinnen gehollef anstennescht Holz ze fannen fir, dass dese Bou och eng ganz Woch an Aktion bleiwen kann!

Noom Boubastelen huet dun och natierlech jidfereen en missen ausprobeieren, waat den Wiwel eng grouss freed gemaach huet!

Dee ganzen Metten hun d'Cheffen dun missen oppassen, dass sie net e beemol en Feil an de Reck geschoss kriiten!

No dem ustrengendem metten wor d'Owesiessen wellkom!

Am Owend woor dun e Quiz ugesoot! An deem Quiz gouffen de Wiwel all meiglech

Froen gestallt, dei si baal net besser beäntferten konnten! Um 23 Auer sin si hier Zänn wäschen gangen an dun an d'Bett gangen !

Denschdes 5. September

Noom Moiesiessen ass et lass gangen mam Programm! Mir haaten eng Eröffnungsfeier, wou d'Cheffen sech als d'Personnagen vun der Geschicht vum Robin Hood verkleed haaten an verschidde wichtech Passagen vun der Geschicht noogespillt hun!

Noom Iessen ass dun en Ausfluch an Iechternach gemaach gin wou mir dun an e Musée eng Austellung iwwert d'Steinzeit kucken waaren! Eise Guide woor eng ganz frendlech Fraa, dei eis alles ganz genau erklärt huet an mir hun vill doduerch beigeleiert!

Am speiden Nometten ass dun vun de Cheffen e Feier ugefaangen gin, esou, dass dun Owes ronderem d'Lagerfeier gegrillt konnt gin! Um Programm wor dun nach e klengen Grujjel-Parkour opgebaut gin fir dei di dorobber loscht haaten! Anscheinend war eisen Parkour net grujjelech genuch, well et ass nämlech keen mat groen Hoer eremm komm!

Wiwel

Mettwoch 6. September

Vir haut war en Naturrally um Programm mat engem Pic-Nic am Besch ugesoot, mee leider war d'Wieder net op eiser Seit an mir hun dun entschloss eng kleng Ennerung ze maachen!
Moies hun mier dun en Robin-Hoodkostüm gebastelt an alles waat esou zu engem Kostüm passt! Vu ke, dass mier en Pic-Nic maachen wollten, hun mier en am Chalet um Buedem op Decken gemaach!
Nodeems sin mer duerch de Bësch gaangen an mier sin verschidden Höhlen erforschen gaangen!
Owes ass jiddereen an d'Bett gaangen noo der Liewensfeier!

Donneschdes 7. September

Moies noom Kaffi haaten d'Wiwel e bessen Freizeit eiert d'Olympiad ugefaangen huet! An der Olympiad hun se missen verschidde 'Sportarten' machen; ewei Waitsprong, Saaksprangen, Speerwerfen, Kugelstoussen…..an natierlech och Bouscheissen!
Am Nometten woor en Gänsespill ugesoot, wou si iwwert de ganzen Terrain no Froen gesicht hun, dei sie dann beäntferten missten! Dei 2 Equipen hun dun geinteneen 'gekämpft' vir deen eischten färdech ze sin!
Owes waar eng Meditatioun, dei d'Wiwel zum entspaanen bruecht huet an se konnten gutt schlofen!

Freides 8. September

Moies ass den Wiwel erklärt gin, dass si sech missten Gedanken maachen fir d'Oofschlossfeier wou si sech ganz intensiv dun op d'Aabescht gemaach hun vir vill Ideen vun Spiller ze fannen! Dei Spiller

waren geduescht vir owes bei der Oofschlossfeier an Samstes mëttes bei den Elteren!
Mettes noom Iessen, sollten mer dann an d'Schwemm goen! Mee et woor dann e klenge Problem! D'Schwemm zu Iechternach war zou an dun hun mer eis entschloss op Bitbuerg an d'Schwemm ze fueren! Dei Schwemm ass immens flott an och relativ grouss mat Rutschbahn an nach aaner Aqua-Spiller!
Owes waaren mier e bessen speit un, an mier hun eis Oofschlossfeier dun gekietzt! D'Wiwel haaten den Owend de Kommando kritt an d'Cheffen hun missen d'Spiller matmachen dei si eis virbereed haaten!

Samsdes 9. September

Moies ass et lass gaangen mat raumen an apaacken! Dun ass de Buffet virbereed gin an d' Wiwel hun nach eng keier hier Spiller nogekuckt dei si mat den Elteren maachen wollten!
Am speiden moien, sin dun och dei eischt Elteren komm an waren frou hier Kanner eremm ze gesin!
Nom Iessen goufen dann allerlee Spiller gemaach an natierlech gouf dobei och gutt gelaach!
De Camp ass dun op sein Enn gangen an d'Cheffen esou ewei d'Wiwel hun dee Camp als ganz flott empfond!

Wiwel-Cheféquipe

Avex Camp-Volant

vum 14.8. bis den 24.8.00 **am Mëllerdall**

Méindes, de 14.8.

Meindes haten mer um 10:00 Auer Rendez-vous beim Foyer, wou mer dun mat der Camionett op Jonglënster gefuer sin. Niewen der Kierch krutten mer zwou Kaarten an hun dun eisen Wee selwer missen fannen.
Mat vill Mut sin mir acht dun lass gaangen, an der Hoffnung eng Keier op Kobenbour ze kommen, na ja, wéi sollten mer dunn och wëssen datt mir, déi gudd Scouten, 7 Stonnen fir 7 Km brauchen!
Wéi daat komm ass?
Am fong stung de Camp jo ënnert dem Thema Back to the Roots, mee den Motto ennerwee war awer "Komm, mir maachen eng Paus". Daat elleng wär nach net esou schlëmm gewiescht, mee wann een dann déi eng Kaart zerappt an déi aner verleiert, kann een de Wee jo net fannen ???
Speider sin mer dunn awer zu Kobenbour beim Gilles sengem Café dem Workaholics ukomm.
Zelter waren schon opgeriicht an mer waren frou ukomm ze sin.

Sarah

Dënschdes, de 15.8.

Moies nees fit an monter (ha! ha!), hun mer gies, eis Saachen zesummen gepaak an wat een alles moies esou mecht. Mettes noom Iessen (de Flëpp hat Spaghetti mat extra-schaarfer Zoos gemaach) hun mer Heebotten op d'Wiss gestallt fir een angeeblëcht Fest an sin dun d'Paerd kucken gaangen, déi niewent dem Workaholics stungen. Dunn ass e Paerd herbeigeholl gin an mir sollten dorober reiden: e klengen Slalom ronderem d'Heebotten. Dat war déck fex an ech mengen et huet jigferengem Spaass gemaach. Speider goufen mer Gruppeweis mam Auto ausgesaat a sin mer op Berduerf gaangen. Endlech do, gouf op enger Parkplaatz sech mol gudd gewäsch an mir sin do an d'Huellay schlofen gaangen.

Sarah

Mëttwoch, de 16.8.

Den Dag drop si mer opgestaan an mir hu gemierkt dass d'Holläner eis fir eng Attraktioun gehalen hun. Mir goufen vun hinen gefilmd a fotografeiert.
Du endlech alles an d'Camionett verstaut war, si mer op eng Plaatz am Besch gefuer bei Fielsen a sin dun klammen gaangen. Gehollef huet eis de Paul, e Koleeg vu Flëpp. Gebufft hun mer och do bei den Fielsen an mir sin do den ganzen Dag bliwwen.

Sarah

Donneschden, de 17.8.

Moies si mir vu berdorf fortgaang a wei, mer dun 2 minute gaang sin hu mer eng ferm paus zu Haller am Café gemach.Wei mer rem weider gaang sin hu mer schlussendlesch de Wee fond. Daat war awer guer net sou einfach well mer eis net decideiere konnten. Geint Metteg hu mer eppes gebufft echn wees zwar net wou mee dat ass egal. Irgendwann Owes speit si mer och ukomm warscheinlech durch Zoufall.
Wou mer deen Dag gepennt hun daat wees ech net op jiddefall net an Zelter.

Michel

Freides, den 18.8.

Mir si vun Haller op Befort gaang a wei d`Cheffen ebe sin Hate mer dei Eier e klengen Emwee vu 5 km machen. Um Wee fir op Befort hu mer diskuteiert op et Scheint Schlass oder Schei Burg heescht. Mettes wei mer ukomm sin sollte mer eigentlech Highlangames machen dei awer weinst dem Reenchen ofgesot goufen an dofir hu mer scho Mettes mat Latzen ugefang. An der Nuecht waren dun zwee Steck dei sech d`lessen nach enker durch de Kapp goe geloss hun. (Net opregen déi 2)

Michel

Samschden, den 19.8.

Moies sin mir matt der Camionette an de Besch gefuer fir eis do fun engem fiels ofzeselen. Bis den eichten sech emol getraut huet war schon eng 15 Minuten eriwer. Dun sin mer an e Kaffe gefuer an hun do eppes gedronk an hun Kicker gespilt. Mettes hun mer dun Sandwichs gies an gelatzt. Owes hun mer eis eppes ziesen gemach. Dono hun mer tut er`s oder tut er`s nicht gespillt.

Michel

Sonnden, den 20.8.

Tjo, den Kaffi rann, dann gett angepaack!
D' Rucksäck op den Rëck an schon geet et remm lass!
Vun Befort bis op Wallenduerf steet haut um Programm, och wann et sech op der Kaart nemmen wie een Kaatzesprong ungesäit, dann hut der ierch geschnidden, well ech kann ierch et sangen! Ët zitt sech eventuell e beschen an d'Längt!!
Mais sou puer stäil Hiwwelen, die zou enger Rutschpartie op brongen Ennergrond anlueden, hun eisen Trapp e beschen oppgelockert! (Gell Mich)
Ei, a mettes bei enger BOMMESTEMMUNG hun mer gegrillt an eragefeiert wie die Well.
An elo kennt mäin Lieblingsdeel :

Avex

KANUFUEREN
Un sech war et jo nemmen eng Probefahrt fir deen Daag duerno, mais et muss een schon zouginn, also et war schon,wie soll een soen : relativ ganz "fex".
Wie mer dun um Camping un Land gaange sin,hun mer eis Zelter oppgeriicht, gudd gebufft an mat vollem Bäuch an d'Bett, eeh ech mengen Carry-Matt faalen geloos hun.
Leider hun mer eis hei missen vum Dino an vum Eric trennen, well sie sech leider nett sou gudd gefillt hun.

Tim

Méindes, den 21.8.

Am Hallefschloof souze mer dun moies am Kanu, nom ganze Programm : anpacken, iessenan Lächer flecken!
15 Kilometer hun mer zereck geluercht! Also, no enger 15 km-langer Kurs, ass net méi vill mat den Ärm unzefänken, an dofir hun mer deen ganzen Daag d'Saach e beschen mei gemitterlech ungoen geloss! Mir hun just d'ierchternacher Léit eventuel en beschen mat eisem Täusch-em-Spill genervt! Duerno war eng Visite duerch d'ierchternacher Boulette ungessot, an däre Zemmer eis dunn anquarteiert hun. Mais ween denk lo schon un schlofen, lo gett mol eng gudd Pizza eragefeiert die mir speider op der Spillplatz e besschen duerchgereselt hun.
Duerno wollte mer eis en Film unkucken,

den duerch technesch Problemer e besschen bloquéiert huet!
Tjo, dann ginn mer eben schlofen, eeh waat soen ech do? Ech mengen op d'Zemmer!

Tim

Dënschdes, den 22.8.

Ei, mol remm eng Kéier sou richteg duerchgepennt! Um 10:00 Auer sin mer opgestaan.
E Basketsmatch fiir emol richteg wackerech ze ginn!
D'Rucksäck gin gepack, während ët ënnen aus der Kichen gudd richt!
-Nudelen-
An duerno fir d'lescht Kéier ze fouss goen, mir kruuten d'Rucksäck oofgeholl,hun awer dofir missen ennerwee en Lidd iwwert den Camp komponeieren! Et war awer nëmmen en klengt Lidd, well mir waren sou schnell enerwee wie nach nie! 1 Stonn fir Iechternach-Huellay!
Wie mer dun den Amphietheater schein geschmückt haaten,eis Veillée bis an den Detail eran geplangt haaten,konnten die eischt Elteren kommen.
No enger leschteger Ofschlossfeier sinn mer dun all vunenaaner gaang, an jiddereen huet am Auto bestemmt mat Freed un den nächsten Camp-Volant geduercht: J? K? L?

Tim

Weekend zu Wolz

Den Weekend zu Wolz war nët schlecht opwuel ët oft gereent huet. De Michel ab d'Annick hun d'Montée gemaach an dun och gepackt. Sie hate missen ouni Schong an Strëmp een klengen Bierg matt Bulli eropgoen. Mir hun se um Bierg erwaart an op se geschoss (matt Käschten mengen ech). Sie haten een Deckel fir sech ze schützen. Mir hun se awer getraff. Aaner Aktivitäiten waren Spuerenléen duerch d'Duerf an übleg aaner Scoutsspiller (Gameboy, Computer, Fernseh Ha! Ha!).

Thema vum Weekend war Recycling, an sou ähnlëch huet d'Veillée ausgesin. Matt villen Spiller ëm Ëmwelt. Den leschten Daag gouf et Bouletten (Mäin Iessen vun haut kënnt mer erem erop, Würg! Würg! ze spéit) matt Räis (Double Würg!!) Dun war et schon eriwwer an mir sin nees bei eis leif Mammen heemgefuer.

Charel an Sven

CARAPIO CAMP 2000

vum 29.7. bis den 6.8.
zu Boufer am Parc vum Altersheim
G E N E R A T I O N S

SAMSCHDES 29.07.00

Um 2 Auer si mer hei op eiser Campwiss ukomm. Mir haaten eis virum Altersheem versammelt, mee de Problem war mir sin guer net eens gin matt den Zelter. Wéi mer dun endlech färdeg waren matt oppriichten, hu mer eis Saachen ausgepaak, an zu Owend giess. Owes hun mer eis Horrorgeschichten verzielt, an wei mer dun ebemol midd gi sin hun mer eis opp d'Ouer geluecht!

Lisbeth

SONNDES 30.07.00

Haut, den eischte richtege Campdaag also, sin mer geint 8 Auer opgestaanen a mer konnte gottseidank direkt feststellen dass d'Wieder besser war wéi gëschter. De Ben an d'Fanny sin mam Velo op Stesel bei de Bäcker gefuer. Nom Kaffidrénken hu mer dun ugefaangen Konstruktiounen ze bauen. Iwwert den Daag verdeelt hu mer dun en Dësch matt Bänken, eng Kachmaschinn an schon baal e professionnellen Pizzauewen gebaut. No deem ganze schaffen ware mer owes dun natiirlech zimlech midd a nom Grillen konnte mer dun de Camp matt enger Eröffnungsfeier begréissen . Duerno huet et bei deene meeschten vun eis net laang gedauert bis dass se am Schloofsaack louchen, ët waren souguer puer ganz courageiert déi beim Feier geschloof hun.

Cyril

MÉINDES 31.07.00

Nodeems moies um 9 Auer déi lescht aus hieren Better (pardon, Schloofsäck) geklommen waren, hu mer emol gemittlech Kaffi gedronk. Fir moies war eigendlech virgsein eng Kreiderspral ze bauen, mee dat war an d'Wasser gefall. Also sin der puer an de Besch gaangen, neit Feierholz sichen, déi aaner hun ugefaangen eng Entréespaart ze bauen.
Am Nomëtten hu mer e Spill am Park gespillt. Mir hun déi onméiglechste Saachen missen maachen, wéi zum Beispill an den Weiher schwammen goen. Mee schlussendlech kruuten mer nom Spill dun och ons wuel verdéngten Belounung. Zu Hënsdref bei der Uelzecht war eng anz Tuut mat Séissegkeeten verstoppt.
Owes gouf et dunn Pakalu ze buffen. Dono hun déi meeschte Gamellen ausgesinn wéi wann se an een Dëppen matt schwarzer Faarw gefall wären. Währenddeems d'Spullequipp hoffnungslos versicht huet d'Gamellen ze botzen, sin e puer "Baby'en" aus dem Duerf opons Campplaatz Rambazamba schloen komm.

Kuerz dropp konnt ons Liewensfeier ufänken. No e puer Vertrauensspiller, as dëss Véillée dun schliesslech an enger hefteger Diskussioun iwwert den Glaawen ausgeklong. Kuerz drop sin och déi lescht pennen gaangen.
Waat fir een Daag!!!

Ben

DËNSCHDES 01.08.00

Equipe 1

Wéi ëmmer si mer géint 9 Auer opgestaan. Direkt noom Iessen hu mer eis Saachen gepaak an eis Sandwich'en gemaach fir eis op den Hike ze maachen. Mir kruuten een Handy, eng Kaart an dei éischt Etapp, déi durch Lorentzweiler gefouert huet. Et waren 2 Ekippen: 5 Fraleit an 3 Jongen. Vu que dass ech nemmen an enger Ekipp war kann ech och nëmmen vun eisem Wee berichten. Déi 2 Etapp hu mer missen op den Blaaschenter Bierg goen.
3 Etapp : An d'Kaasselt
4 Etapp : Op d'Lëntgener Gare
5 Etapp : Op Goussel bei d'Kiirch
6 Etapp : Schendelser Stooss
7 a lescht Etapp : Déi war e "bëssen" méi laang wei déi aaner, an déi as direkt an den Diirendall bei der Mamer gaangen. Wéi mer do ukomm sin wossten mer nët op mer richteg wieren also hu mer no enger Stonn den Cheffen ugeruff. Mir waren also richteg an dunn hu mer insgesamt 3 Stonnen op d'Meedercher warden. Wéi déi dun do waaren sin dun kuerz drop och d'Cheffen komm an hun eppes mattbruecht fir z'lessen, an dun waren se schon erem fort. Mer haaten Zopp, Thüringer a Mettwurschten. Et huet net laang gedauert an mir louchen allguerten beim Feier an de Schloofsäck. Wéi mer dun alleguerten ageschloof waren si mer och erem erwäscht well ët géint 4 Auer ugefaangen haat maat reenen. De Ben as dunn direkt an de Besch eng Baatsch siche gaangen, déi op engem Staapel Holz lung. Domaat hu mer eis en Daag gebaut fir nët nach méi naass ze gin. Wéi mer dun just färdeg waren sin d'Cheffen komm fir eis matt op d'Campplaatz ze huelen.
Zimlech ustrengend!!

Flëpp

Equipe 2

Wéini dass mer opgestaanen, virbereed hun, huet de Flëpp jo schon gezielt, also fänken ech einfach do un wou mer eis getrennt hun. Eist éischt Ziel war Stesel, do hun mer e Bréif font mir hun missten op Sésel-Bréck goen: Eis Reaktioun: COMMENT!?!? Den Ander huet eis gehollef, an dun sin mer an der warmer Mëttegsonn bis op den Stéseler Bierg getrëppelt. Vun do

un war et e Stéckchen déck relax, mee dunn, an der Géigend vu Koplëscht hun mer guer näischt méi gecheckt!! (Daat war awer net sou eis Schold d'Cheffen haaten déi 2 läscht Etappen verwiesselt, sou dass deen Moment ee Stéck Wee gefeelt huet mee bon!!!)
Mir hun déck vill Leit gefroot, mee dat huet eis nët gehollef. Mir sin zweschent Koplëscht an dem Diirendall ronderemgerannt wéi ech weess net waat (eng Gedenkminutt un d'Mme Hermes) Durch Zoufall un mer Leit nom Wee gefroot, déi eis Jongen och begéint haaten, a sou sin mer awer schliesslech ukomm …

Julie

MËTTWOCHS 02.08.00

No eiser opreegender Hike-Erfaarung hu mer haut de moien mol alleguerten gudd laang geschloof, schliesslech hun eis e puer Stonnen Schloof gefeelt.
Nom Kaffi drunken si mer dun akaafen gaangen a mer hun gudd an vill gekacht.
Géint 4 auer hu mer de Bus vir an d'Staadt geholl a sin an d'Badanstalt schwammen gaangen. Frou iwwert data gudd kaalt Waasseram Baseng an duerno déi warm Dusch si mer géint 7 Auer nees zréck op Boufer komm.
Duerch eis Ustrengung beim Schwammen ware mer schon nees hongreg wéi mer nees op der Campplaatz waren a mer hun

direct eppes géint data Gefill gamaach andeems mer gekacht hun.
Nom Iessen war dun d'Engagementsfeier ugesoot an nach méi spéit souze mer nach eng Zäitchen beim Feier ze poteren an ze laachen. Vill méi spéit ass dun een nom aaneren schloofen gaangen.

Fanny

DONNESCHDES 03.08.00

Mir sin mol erem eng Kéier déck relax moies opgestaanen. Moies stoung Kreidersprial uplantzen um Programm, déi wiirklech deck schéin ass!!! (Ech, d'Renée an d'Marianne waren mam Jemp op d'Gemeng fir Plakater iwwert Kreider ze maachen: Bien Fait!!) Mëttes stoung am Fong Sportsolympiad um Proramm mee beim Holzsichegoen ass de Flëpp vun enger (oder méi?!) Harespelen gepickt gin, an si hun missten bei den Dokter fueren. Dono haat d'Marianne en Zeckenbeen a sengem Been an mir sin zur Oofwiesslung nach eng Kéier bei den Dokter gefuer.
Daat Bescht war awer eng Bomchen, déi bei eis e bessen geschaukelt huet an d'Bopen déi se gedréckt hun. (e schéinen Bonjour un den Här Muller)
Geschter Owend haate mer nach en Nuetsspill gemaach an sou weider.

Julie

FREIDES 04.08.00

Freides stoung Grillen mat den Leit aus dem Altersheim um Programm. Moies hun mer Still zesummengesicht, Dëscher opgestallt an se och gedeckt. Zwëschendurech sin d'Elisebeet an ech mam Jerry an mam Carole bei d'Mme Fischer gaangen. (Vive eis Mme Fischer!)
Wéi mer dunn mëttes schlussendlech all Problem geklärt haaten hun den Nico an den Ander ugefaangen matt Grillen. An déi aal Leit (et waren der 83, oder sou) hun vill méi gebufft wéi mer gemengt haaten.
Et war gudd Wieder an si waren zefridden.
Am Nomëtteg hun mer an Ralley duerch den Park gemaach, wou genau 3 Leit mattgemaach hun an den Luss huet Blummen matt den Leit gebastelt. Duerno gouf et nach Kaffi an Kuch an d'Feier war eriwwer. Owes hu mer relax Pizza am Uewen gebaak an et huet deck laang gedauert bis jiddfereen färdeg war. Am Fong wollten mer owes nach en spirituellen Nuetsmarsch maachen, mee ët as net duer gaangen matt der Zait, mer hun jo missten fréi opstoen fir op Bitburg ze fueren.
Also maachen mer dat dann muer, mee d'Renée wart iech daat jo dann zielen …

Marianne

SAMSCHDES 05.08.00

Wéi d'Marianne schon geschriwwen huet, si mer Moies schon zimlech fréi opgestaanen, an zwar um 7 Auer.
Nodeems mer all giess haaten sin mer matt den Auto'en op Bitburg gefuer. Wéi mer dunn endlech d'Kartpist font haaten, hun mer eis "Kostümer" ugedoen an sin an d'Karten geklomm.
Mir Meedercher waren alleguer mega opgereecht, mee schlussendlech hun mer eis getraut fir e bessen op den Gas ze drécken an ze fueren.
Um 12 Auer sin mer an den McDonald's iessen gaangen an verschiddener vun eis hun onbedingt een Happy Meal missen kréien, well do een groussen plastics Snoopy dobäi war.
Géint halwer 3 sin mer dun an d'Schwämm gefuer. Déi war déck feet a voll reläx.
Um halwer 4 hun mer eis erem op d'Heemrees gemaach. Owes hate mer Elterenowend. Mir hun gegrillt (dat heescht den Sven an den Ander) an dono hun mer "Grousse Präis" gespillt.
Nodeems eis Elteren rem fort waren hun mer eisen spirituellen Nuetsmarsch endlech gemaach. Do hunmer EENZEL en Tour duerch de Bësch gemaach an sin dobäi bei 4 verschiddenen Stänn passeiert, wou mer z.B. hun missen maat plakeschen Féiss goen oder ee Baam

betaaschten asw.
Wéi mer erem zréck op d'Campplaatz komm sin soutze mer nach beim Feier an dunn si mer een no deem aaneren schloofen gaangen.

Renée

P.S. : Vun deenen blöden Kaarten hun mer alleguer blo Plaatzen an mir sin gebrach! An voll déi Bloderen.

SAMSCHDES 05.08.00

Haut sin mer wéi emmer géint 9 auer opgestaanen, mir waren alleguer nach vill midd, vu que dass haut schaffen ugesoot war. Um halwer 11 haate mer eng Mass baussen am Fräien, mir haaten zwar Lidder geüpt, mee eis Gesängs war net speziell gelongen. No der Mass hun mer eis un d'Arbescht gemaach. Fir d'éischt goufen d'Zelter geraumt an offgericht an dun hun mer all déi Brëllagen lassgemaach an all eis Konstruktiounen oofgerieicht. Voll schlëmm, ech mengen mir sin all voll geschloen!
Mëttes hun mer dun nach gegrillt an nach den Rescht Zalot giess. Noom Iessen goufen nach déi reschtlech Saachen oofgerappt a geraumt.
Et war haut e zimlech traurechen Daag, mee an engem Joer ass et jo erem sou wait.
Bis dann!

Lisbeth

D'Sprëch vum Camp

"Ma pass dach op!"
"An Zack"
"Wüfü/ill"
"Uah Mëllen"
"Deck feet"
"Bien fait"
"Mme Hermes an Mme Fischer"
" Deck gelénkt "
"Hei get net gefaxt " (vum Frank)
"Et ass alles dem Nico seng Schold"

Weekend zu Wäicherdang

Op engem verreentem Samsteg Nometteg hun mir CARA PIO ons zu Lorentzweiler op der Gare getraff , wou mir vum Carole eng Kaart an d'Hand gedreckt krutten. Kuerz drop as d'Carole erem mam Auto fort gefuer, an zesummen hu mir missen mam Zuch op Drauffelt an dono zufouss bis an den Chalet goen. Nodeems mir zu Ettelbreck eng Kéier emgeklomm woren, an dun zu Drauffelt aus dem Zuch erausgeklomm sin hun mir ons op den Wee gemach fier op Wäicherdang. Mee dat huet sech als méi problematesch erausgestallt wéi ët geschéngt huet, well do wou eigentlech sollt een Feldwee sin, op eenmol eng grouss Kouwiss ungefangen huet. Mee dat konnt ons tapfer, muteg an durchtraineiert CARA PIO nët dovunner ofhaalen den Wee bis an den Chalet ze fannen :)
Wéi mir dunn endlech am Chalet unkomm woren krutten mir dunn vun onsen Cheffen en gudden warmen Téi zervéiert (den haten mier och gudd néideg)
Ihr mier dun ungefangen hun onst mexicanescht Iessen ze kachen , hun mier nach aleguer eng partie "Nobody's perfect" gespillt, wat navel gudd kann amüséieren :) Owes ass et wéi gesot MEXICANESCH z'iessen gin ... Et wor zwar en beschen scharf mee soss huet et super geschmacht. Den Owend ass dun eigendlech ganz einfach ze erklären, mir hun ons alleguerten dohinner gesaat, ann hun nach eng Kéier "NOBODY'S PERFECT" gespillt ...
Um halwer fënnef moies hun dunn och déi tapfersten vun ons sech no onzählbaren partien "N.P." schlofen gedon ...
Den dropfolgenden Dach gouf dun ganz relax verbruecht, ouni Stress ... Bis mir ons dun erem am Nometten op den Wee fier heem gemach hun.
(Ech wees, den zweeten Daag wor elo net ganz détailéiert, mee et ass einfach schon esou lang hier)
Am groussen ganzen wor et een ganz gelongenen Weekend, och waan mier net esou ganz vill Activitéiten gemach hun ;) !!!

Ben

RARO Camp 2000

zu Port-la-Nouvelle (Südfrankräich)

vum 17.7. bis den 28.7.2000

Méindes den 17.07.2000

Um 6 Auer moies sin mer bei der Gemeng zu Luerenzweiler fortgefuer. D'Mélanie as als éischt gefuer an hatt ass 314 km gefuer. Duerno as Tessy gefuer, net graad esou wait mee och schon e gudd Stéck. Hatt huet e Porsche iwwerholl a war dun voll am Geschwindegkeetsrausch. Noom Tessy as d'Myriam gefuer, dunn de Sven. Hien as déi ganzen Zäit op der lénkser Spur gefuer an huet alles iwwerholl waat koum. Déi läscht Kilometer as d'Mélanie dunn gefuer an huet eis sëcher op Port-la-Nouvelle bruecht. Wéi mer dunn do waren sin mer direkt an daat gudd schuckeleg waarmt Waasser schwammen gaangen anhun eis op der Plage vun der Sonn drechenen gelooss. Owes ass dunn net méi all ze vill gelaaf, well mir vun der Rees midd waren.

Dënschdes den 18.07.2000

Haut de Moien sin den Ander, de Nico, de Germain an d'Danielle op d'Plage laafen gaangen an hun deenen aaneren frësch Baguetten mattbruecht. Noom Kaffi drunken a spullen sin mer voller Elan a voller Freed op d'Plage gaangen, well haut haate mir e Beach-Daag.
D'Mélanie, d'Myriam, d'Danielle an d'Tessy sin direct op d'Plage gaangen während d'Jungs nach fëschen waren. Vill haaten se awer net gefaangen, duerffir sin si och kuerz no eis op d'Plage komm. D'Myriam an d'Mélanie hunsech en Easy rider, Road Runner, Wave rider, kaaft d.h., een opblosbaren Jetski. Matt deem hu mer eis noodems mir vum Iessen erem koumen gudd am Mier ameséiert. Nodeems mir eis baal all gudd verbrannt haaten, koumen mir zréck an eis Heiser, hun geduscht, gekacht, eis agecremt, gies, gespulltan hun dun mam éischten Deel vun der Eroffnungsveillée ugfangen. D'Jungs haaten dësen Deel virbereet, deen aus verschiddenen Spiller bestaanen huet. Duerno hu mer nach e bessen geschwaat a sin dun midd an d'Bett gefall.

P.S.: De Jungs hieren Deel war d'Wiel vun der Miss Beach 2000.

Mëttwochs den 19.07.2000

Um 9:25 huet den Ander ons erwäscht. No engem leckeren Frühstück sin mer op den Maart direkt vis-à-vis vun onsen Heiser geaangen. Nodeems mer en decke Paak voll Oliven, Paprika an Saucisse akaaft hun, soutze mer an onsem Haff an hun gegruebelt, waat mer mettes sollten maachen. No laangem iwwerléen hun mer

dunn décidéiert vir an de Safari-Park zu sigean ze fueren. De Sven huet onst Mettegiessen virbereed (Baguette matt Saucisse). Mir hun alles an onsem "Minibus" verstaut an sin lassgefuer. Den éischten Deel vun onser Safari war mam Auto, wou mer schon bei dem éischten Geheeg vun engem Strauss opgehaal goufen. De Strauss ass ronderem den Auto gewandert, an huet mam Schniewel widdert d'Fensteren getockt. Mir hun nach Büffelen, Giraffen, Rinozerossen, Bisounoursen, Léiwen, Zebra'en an Gazellen. Beim Fousswee hu mer dem Sven seng Aafen gesin (hien wär am leifsten bei se geklomm). Mir hun nach Pohunnen, Geessen, Chimpanzen, Aligatoren, Giraffen, Papageien, Pelikan'en, Elefanten, Wallabi'en, Schlaangen, Schildkröten, Gänsen, Schwengercher, an nach vill aneren Déieren. Dun sin mer deck midd an de Super U akaafen gefuer.
Owes hu mer Cheeseburger matt Fritten a Zalot giess. Nom Iessen a Spullen hun d'Meedercher hieren Deel vun der Veillée présenteiert. D'Jungs hun hir Kenntnisser iwwert sech an den Mädels weisen.

Donneschdes den 20.07.2000

Mir sin geint 10 Auer opgestaan an hun gudd laang Kaffi gedronk. Duerno huet jiddfereen e bessen geraumt an et ass och gespullt gin. Mir souzen dun nach laang am Haff ze schwetzen an ze witzen bis dass mer eis entschloss haaten op d'Plage ze goen.
D'Sonn an d'Hetzt waren um Rendezvous. An mir loungen dun op der Plage. D'Jungs hun sech Schëppen an en Eemer kaaf an hun dun e risen Lach an sand gebuert. Leider kruuten se séier d'Flemm an hun dun opgehaalen. D'Waasser war besser ewéi déi Deeg virdrun an mir waren vill méi am Waasserfir ze piddelen.
D'Tessy an d'Danielle sin eischter gaan-

gen well si d'Sonn guer net esou gudd verdroen an well et hinnen ze warm war. No engem Tëmmchen an der praller Sonn sin den Sven, den Ander an den Germain och gaangen well si nach an den Super U sollten akaafen fueren. D'Myriam, den Nico an d'Mélanie sin dun géint halwer 7 och "Heem" an d'Dusch gaangen. Owes ass dun giess gin an d'Jongen sin fëschen gaangen.
Den Ander huet dun och eng "Lisette" gefaangen (ë Fësch vun +/- 15 cm) Hien as immens stolz op sech gewiecht, vu que datt een am Kanal net esou vill an leschter Zäit fänkt.
D'Mädels sin doheem am Haff bliwwen, hun ganz intellectuel Gespräicher geféiert. (Daat en nämlech nët kann maachen wann Jongen derbäi sin) an sin hun dann awer och e bessi jiddereen beschass. Dun wou d'Jongen heemkoumen an sech d'Hänn gudd gewäsch haaten sin mer dun alleguerten an d'Bett gefall an hun gudd geschloof.

Freides den 21.07.2000

Haut sin mer um 8 Auer opgestaanen, well mir eng “Excursion” virun eis haaten. Natiirlech waren mer alleguerten immens gudd gelaunt an hun gesong um Kaffisdëch. Noom spullen an Apaaken ass et dun lass gaangen. De Sven as dun de ganzen Wee bis op Carcasonne gefuer.

Carcasonn ass eng historësch Staadt (an zwar den aalen Deel, d'Festung). Mir sin géint 11 Auer dohannen ukomm an sin direkt an d'Buerg gaangen. An der Buerg sin e puer léif Geschäfter déi d'Meedercher alleguerten duerch gemaat hun.
Mir wollten awer och nach bessen méi vun der Buerg gesin ewéi déi kleng Geschäfter an mir hun dun en Ticket kaaf vir eng Besichtëgung ze maachen.
Déi huet ugefaangen andeems mir an engem klengen Kino gungen an e puer Ausschnitter vun Filmer gekcukt hun déi hei gedréint gin sin (z.B. Robin Hood mam Kevin Costner).
Du si mer engem Guide nogaangen deen eis d'Geschicht vum Schlass verzielt huet an wéi d'Liewen fréier do war vum Kinnek an sengem Follek. No der Besichtëgung si mer an een klengen Restaurant iessen gaangen. Nom Iessen sin mer dun getrennt (Ranger an Rover) bummelen gaangen. Um 17 Auer sin mer erem heemgefuer an hun gekacht.
Am Duerf war “la fête du village” an ët gouf e Freedfeier daat mer direkt nom Iessen kucken waren. Am spéiden Owend sin mer nach op a Baal gaangen deen immens flott war.

Samschdes den 22.07.2000

Mir sin haut ganz spéit opgestaan, well et geschter spéit gin war. Wéi mer dun all op waren, konnte mer all Kaffi drénken. Noom Kaffi hun mer den Dësch oofgeraumt an d'Geschier gespullt. Um Programm stung nämlech eng Visite op Narbonne. De Sven as gefuer. Zu Narbonne ukomm huet de Sven no enger Parkplaatz gesicht an huet natiirlech eng fonnt. Mëttes sin mer an de McDonald's ëppes iessen gaangen. Nom Iessen hun mer eis gedeelt. D'Staadt war voller klenger Gaassen matt shéinen Geschäfter. Den Ander an de Germain hun sech Cd'en kaaf, d'Tessy huet en Micky-Mouse T-shirt kaaf an den Nico en Diablo. An d'Mélanie war an ee Geschäft wou den Verkeefer zimlech zou war??!!
Wéi mer dun zréck waren hun mer och zu owend giess. Déi meescht vun eis waren schon schloofen mee den Ander den Nico an den Germain sin nach op d'Fiesta gang. Déi Gruppen déi do gespillt hun waren esou coool!! Dono sin mer och schloofen gaangen. Dësen Daag war flott!

P.S. De Germain erzielt ni méi e Witz op FRANÇAISCH!! (Bien Fait !!)

Sonndes den 23.07.2000

Mir sin haut nees ëm eng gesond Zait obgestaanen (11 Auer). Mir haate welles ob d `Playa ze goen, mais d`Wierder huet do nëtt mattgespillt. Während dëm Kaffi hu mer eis de Kapp zerbrach waat mer kéinte maachen. D`Mélanie huet virgeschloen vir op Leucate ze fueren.
Propose akzeptéiert hu mer dunn eise Fotoapparat an Waasser an d`Camionette verstaut a sin lassgefuer. Mir waren bessi duerch Port Leucate a Leucate Village gefuer, mais daat huet nët onse Virstellungen entsprach, well déi puer Geschäfter déi do sin waren zou. Nächst

Idee Salses . Mir wollten d`Schlass fotographéieren goën, mir wollten awer keen Parking bezuelen a well mer keng Parkplaatz soss anzwousch fond hun si mer alt weider gefuer.
Nächst Station : Perpignan.
D`Mélanie as matt eis duerch déi klengste Gässelcher gefuer. Mais do war och alles zou wéi zu Leucate. De Sven huet sëch hannen dran déck opgereecht d`Mélanie sollt dach iergendwou parken vir een saften ze goën, well hien wär de wäite Wee nët vir näischt gefuer! Mais d`Mélanie as awer matt eis heem gefuer. Owes hat dem Mélanie seng Boom eis Couss-Couss gemacht : eng riese Schossel matt CoussCouss, eng Schossel matt Bouletten, eng matt Gromperen, eng matt Knallerbsen, eng matt Geméis an eng mat Hemmelfleesch. An anre Wierder, si hat vir eng ganz Arméi gekacht.
Nom Iessen hu mer "hei ass eng Hydropneumatisch Autobusgangschaltung - Waat ass daat?" gespillt. Wou mer d`Flemm haten as de Sven "Gage à Gogo" siche gang. D`Danielle haat sëch an d`Kummer verzun vir ze léieren an déi aner hunn "Gage à Gogo " gespillt, dono si mer an d`Heia gefall.

Méindes den 24.07.2000

Haut waren mer um 11 Auer opgestaan an d'Sonn huet geschéngt. Dun hun mer mol relax gefrühstückt, well mëttes war Playa ugesoot. Mir haaten eis sou gefreet an d'Mier ze goen an Banan ze fueren, mir sin dun bis op de Strand getrëppelt an waat huet d'Tessy entdeckt? De Fendel um Baywatchtuerm war roud, dat heescht net an d'Waasser. Mir hun eis gudd opgereecht, mee mir konnten et net enneren. Owes hun mer dun Pouleteintopf matt gequellt Gromperen gekacht. Dono hu mer den Dësch oofgeraumt a gespullt. Dunn ware mer an d'Tequila Bar nach een saften. D'Jungs hun Billard gespillt, a beim Sven sin d'Bullen méi vum Dësch geflunn wéi an d'Lächer. Dono hun d'Mädels eng Partie gemaach an daat huet gedauert bis dass d'Myriam déi éischt Kourel rageschoss haat. Zum Schluss haaten d'Mélanie an d'Danielle awer gewonnen. No onse Cocktailer sin mer heem getrëppelt an an d'Bett gang.

Dënschdes den 25.07.2000

Haut haate mer noo laangen Diskussiounen a villen Proposen waat maachen décidéiert op Perpignan ze fueren fir Shopping ze maachen. Dofir hun mer eis an Ranger an Rover opgedeelt an sin lass gaangen. Et waren esou vill

Geschäfter do, dass mir guer net richteg wossten wou ufänken. D'Mädels sin vun Geschäft zu Geschäft gaangen an haaten, wéi mer eis alleguer um 5 Auer getraff hun, vill Tuuten ze schleefen. Virun allem d'Myriam haat gudd drageschloen. An engem geschäft, an deem se lauter Snoopys-Saachen haaten huet sain Herz geblutt, an hatt wosst net waat kaafen. Ausser dem Tessy haaten d'Mädels all Geld ausgin. D'Jungs haaten awer natiirlech och gudd akaaft. Mir hun beim Treffpunkt, enger Terasse all eppes gedronk, an in dun nach eng Kéier vir eng kleng Stëndchen opgedeelt an Jungs an Mädels duerch d'Geschäfter getrëppelt. Endlech huet dun och d'Tessy ëppes font, wat et konnt kaafen: e Bild mam Petit Princ. Et goufen nach aaner Biller, mee hatt huet gemengt, eent géing duergoen. Zreck zu Port-La-Nouvelle heut daat him natiirlech leed gedoen , an hatt huet e bessen gesouert. Nodeems mer e bessen gerascht haaten, well Shoping as ustrengend, huet d'Myriam eis lecker Beefsteak gekacht, an den Ander an d'Mélanie knuspreg Fritten gemaach. Dem Nico séng Charge war et op d'Brout opzepassen waat am Cheffchen luch, mee daat war him net gegléckt, eis Baguette war dun gudd knuspreg gin. Nom Iessen ass ewéi üblech gespullt gin a mer hun eis duerno gemittlech op d'Terrasse gesaat fir ze schwetzen. D'Mélanie an den Ander waren

op emol an eng hefteg Diskussioun iwwert d'Méiglechkeet sech ouni wéi ze doen iwwert Kulen ze laafen, verwéckelt. Nodeems hieren Toun dun erem méi normal gin ass, sin mer schloofen gaangen.

Mëttwochs de 26.07.2000

Well mer haut keng Aanung haaten wéi d'Wierder géif gin hun mer mol gudd laang gepennt. Verschiddener haaten daat och néideg, sou wéi den Nico, den Ander, den Germain an d'Myriam. Welli si waren an der Nuecht op d'Sich no Blummen vir dem Myriam seng Mamm. Wéi se alles font haaten an bis am Bett louchen war et véirel op 5. Wou mer opgestaane sin war et 12 Auer an d'Sonn huet d'Sonn geschengt. Dun hun mer relax Kafi gedronk an décidéiert vir op d'Plage ze goen. Ausser dem Tessy, dem Sven an dem Danielle sin se all bei d'Mier brooden gaangen. De Sven huet geliess, d'Tessy huet hiert Haus gebotzt an d'Danielle ass Fotoën maachen gaangen. Iergendwann ass dun d'Tessy och op d'Plage gaangen, de Sven huet sech nach emmer weidergebild an d'Danielle huet daat aanert Haus gebotzt.

Donneschdes de 27.07.2000

Eisen leschten Daag fir kennen vun der Plage ze profitéieren, leider!!! Mir waren schon fréi op vir kennen anzepaaken an ze raumen. No all denen wonnerschéinen Raum- an Botzaktiounen hun mer eis awer nach e bessen Plage an Sonn gegönnt, mir hun nach eng keier richteg Energie getankt. An well mer déi ganzen Zäit geschwaat haaten fir Banan fueren ze goen, hun mer daat dun och gemaach. Schwimmwest un an lass!! Sou sin mer dann eng véirel Stonn iwwert d'Mier gefuer. Einfach genial! Jo wéi mer dun och daat hannert eis haaten sin mer dun traureg heemgetrëppelt. Owes haaten mer dem Mélanie seng Grousseltern an Cousin'en an den Restaurant invitéiert. No enger méi oder manner gudder Drëpp vum Mélanie sengem Bop, as dunn och eis Excursioun matt den Rosali'en méi liicht gefall (Weider keen Kommentar!). An dun louchen mer iergendwann eng Kéier am Bett.

Freides den 28.07.2000

Um 5 Auer sin mer opgestaanen fir all eist Gepäck an der Camionette ze verstauen. Du si mer nach Äddi soen gaangen. Ier mer awer gefuer sin kruuten mer nach Kaffi an Kichelcher, an nach eng jiddfereen eng Fläsch Wéin.
Dun konnten mer fueren. Leider! Et war einfach genial dohannen!
Wei och am Ufaank hun sech d'Mélanie, d'Tessy, d'Myriam an den Sven oofgewiesselt mam Fueren. Zu Lion haaten mer e klengen Stau waat awer net weider tragesch war. Um 6 auer sin mer dun zu Luerenzweiler beim Foyer ukomm.
Voilà daat war et!
Nach eng Kéier dem Mélanie an sengen Grousselteren villmols Merci !!

D'Raro

JUMP BACK PARTY 2000

BESCHASS

(De Redakter entzitt sech aller Responsabilitéit fir de Kontenü vun dëser Rubrik)

Elo as ët kloer :
De Mënsch stammt vum Hond of!

QUIZ

Wellech Persoun déi de 16.9. bestued gin as, huet sech zwar d'Méi gemaach fir an hirem Haus Zëmmerdiren all zouzespären fir datt déi léiw Kolleejen net erakéimen, mee huet awer dofir (als Ausgläich souzesoen) sämtlech Diren vun hirem Auto (dee virum Haus geparkt wor) opstoe gelooss?

War dëst
a) d'Jessica Weis
b) d'Manon Weiss
c) d'Tania Weisss ??

Op de Gewënner ward eng onvergiesslech Fahrt a besoter Persoun hirem Luxusgefier. Konditioun fir mattzeman : Dir musst fäheg sin fir am Noutfall den Auto matt de Starterkabelen an enger Reservbatterie (déi am Gefier bereed läit) unzeman.

Schéckt Är Äntwerten un :
quiz@lgslorentzweiler.lu

Sicht Dir eng zouverlässeg NET-BOTZ-Equipe? Da wend Iech vertrauensvoll un eis Wiwel.

Fir all reliéis Themen könnt dir iech vun elo un nët nëmmen un eisen Aumonier Romain oder Aumonier adjoint **WERNER** wenden, mee och un eis frëschgebake Jjoffer **CAROLE,** déi laut Diplom als Reliounsjjoffer hirt Liewen verdéngen därf.

Annonce

Hues du Loscht engem internationalen Jugendmouvement bäizetrieden an esou matt aneren Jonken d'Welt kennen ze léieren ? Da komm bei d'Luerenzweiler CaraPio an huel deel un hiren exoteschen Campen déi sie z.B. bis op Boufer (L) féieren…

Touriiiiiiistööööö

@ W W W lgslorentzweiler.lu

Eis Email Adressen

WEBMASTER (Sven Linckels)
webmaster@lgslorentzweiler.lu

GAMELLE
gamelle@lgslorentzweiler.lu

ALL CHEFFEN
cheffen@lgslorentzweiler.lu

BIBER Cheffen
bibbercheffen@lgslorentzweiler.lu
WIWEL Cheffen
wiwelcheffen@lgslorentzweiler.lu
AVEX Cheffen
avexcheffen@lgslorentzweiler.lu
CARAPIO Cheffen
carapiocheffen@lgslorentzweiler.lu
RARO Cheffen
rarocheffen@lgslorentzweiler.lu

Beck Jemp
jemp.beck@lgslorentzweiler.lu
gruppechef@lgslorentzweiler.lu
Bichler Fanny
fanny.bichler@lgslorentzweiler.lu
Bidoli Renée
renee.bidoli@lgslorentzweiler.lu
Boussong Dave

dave.boussong@lgslorentzweiler.lu
Everad Chantal
chantal.everad@lgslorentzweiler.lu
Fehlen Pascal
pascal.fehlen@lgslorentzweiler.lu
Feltes-Leclerc Nic
nic.feltes@lgslorentzweiler.lu
Jacobs Marianne
marianne.jacobs@lgslorentzweiler.lu
Krecké Elisabeth
elisabeth.krecke@lgslorentzweiler.lu
Linckels Sven
sven.linckels@lgslorentzweiler.lu
webmaster@lgslorentzweiler.lu
Maes Myriam
myriam.maes@lgslorentzweiler.lu
Massol Melanie
melanie.massol@lgslorentzweiler.lu
Menster Annick
annick.menster@lgslorentzweiler.lu
Molitor Marc
marc.molitor@lgslorentzweiler.lu
mini@lgslorentzweiler.lu
Ney Carole
carole.ney@lgslorentzweiler.lu
Peusch Mireille
mireille.peusch@lgslorentzweiler.lu
Schroeder Ander
ander.schroeder@lgslorentzweiler.lu
ander@lgslorentzweiler.lu
Theisen Rob
rob.theisen@lgslorentzweiler.lu
Weis Jessica
jessica.weis@lgslorentzweiler.lu

Info

DEN LGS SHOP ...

... as ze fannen :
an der Stad am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

... as op :
Dënschdes a Mëttwochs
vun 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes
vun 15:00 bis 19:00 Auer
ausser an de Schoulvakanzen!

... as ze ereechen :
ënner dem TEL : 44 7 43 313
oder per FAX : 44 7 43 249

ELO ZE KRÉIEN!

Déi éischt Foto CD vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten fir PC CD-Rom.

- Iwer 1600 Fotoen
- vun der Ouschteréer Aktioun 2000
- bis de Chefdag 2000
- vu Biber bis Raro
- mat Programm fir d'Fotoen ze kucken

Fir nëmmen 100,- Frang as se beim Sven ze kréien.

Mir waren mat dobäi!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 1999/2000 vum Verband stoungen.

BIBER

Lena BIDOLI
Carole BORDEZ
Laetitia DOS SANTOS
Rachel GONNER
Michel PAUTSCH
Laurent PETERS
Carole SCHMOL
Maverick SERRECCHIA
Mandy THOMA
Fanny TOISUL

CHEFFEN
Chantal EVERAD
Pascal FEHLEN
Nicole LECLERC-FELTES
Annick MENSTER
Carole NEY
Jessica WEIS

CARAPIO

Renée BIDOLI
Ben BISENIUS
Danielle BRÜCK
Lucie HELLERS
Marianne JACOBS
Elisabeth KRECKÉ
Claude LARSEL
Cyril MELAN
Philippe SCHAACK
Julie WENGER

CHEFFEN
Sven LINCKELS
Myriam MAES
Carole NEY
Nico PANETTA
Christina RUF
Ander SCHROEDER
Danielle THOMA

WIWEL

Max BECK
Charel BIDOLI
Charel BODE
Sophie DE MAERE
Ben ECHTER
Tina FEHLEN
Catherine HANCK
Julie JACOBS
Mike MERGEN
Jil MODERT
Tammy RINNEN
Christophe SCHMOL
Jil SCHOSSELER
Stephen THILL
Christian TREINEN

CHEFFEN
Fanny BICHLER
Germain FOURNELLE
Tessy HÖFLIGER
Melanie MASSOL
Ernestine MÜLLER

RARO

David BOUSSONG
Mireille PEUSCH
Sebastian SYMOLKA
(+ aaner Cheffen)

CHEFFEN
Sven LINCKELS
Patrick WEBER

MATAARBECHTER

Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)

AVEX

Michel BRÜCK
Paul BRÜCK
Moises FERREIRA
Aldino FORTES
Annick HANCK
Sarah JACOBS
Eric LARSEL
Florence MELAN
Charel MODERT
Michel PINTO
Tim RINNEN
Pol SCHINTGEN
Sven SCHOSSELER
Dan THEIS

CHEFFEN
Anne MOLITOR
Marc MOLITOR
Seja ROCKEL
Roby THEISEN
Tanja WEIS
Flëpp WENGER

5. BRANCHE

Marcel BACK
Fränk BOURMER
Patrick GALBATS
Marc JEGEN
Marco LECLERC
Patrick LECLERC
Georges MENSTER
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
André THEISEN
Manon WEIS
Annick WEISS